Lëscht 4

CSV

HESPER

# MÉI NO.
# MÉI HESPER.

Walprogramm 2023



1ère rangée de g. à dr. : REUTER Dyane ép. Schiltz, HUBERTY Anne, THEIS Jean, BECK Georges, LIES Marc, ADEHM Diane, WESTER Guy, LEVEN Robert, ZAHLEN Pit.
2e rangée de g. à dr.: POLIGNANO Stefano, FRISCH Nathalie, HARTZ Martine, GROTZ Sylvie ép. Zuccoli, LENTZ PAK Mi Hee, MULLER Bob, TOMBS ép. ZAHLEN Kirsten, MEYER Myriam ép. Fixmer



## “Mat vill Häerz an Engagement”

Äert Wuelbefanne steet am Mëttelpunkt vun onser Gemengepolitik!

D’Nohaltegkeet, d’Erhalung an d’Verbesserung vun de Liewensraim an der Liewesqualitéit am Allgemengen, déi sozial Kohesioun, d’Gesondheet an d’Sécherheet steieren ons Iwwerleeungen zu de wesentlechen Themen aus der Gemengepolitik.
Mir wëllen ons Iddi’en zesumme mat Iech am Dialog an a voller Transparenz ëmsetzen.

Mir kënnen op enger zolitter politescher Basis aus der Vergaangenheet opbauen, wat ons et haut erméiglecht, nei Akzenter ze setzen.
An deene leschte 16 Joer sinn d’Gemengeschold an d’Pro-Kapp Verschëldung op eng spektakulär Manéier zeréckgaang. Den Investitiounsvolume konnt awer parallel zum Scholdenofbau kontinuéierlech gesteigert ginn.

Mir wëllen d‘Zukunft vun eiser Gemeng weider matgestalten, mat gesonde Finanzen fir, wéi an der Vergaangenheet, an alle gesellschaftleche Beräicher nei Akzenter ze setzen.
Am Sënn vun der positiver Entwécklung aus deene läeschte Joere wëlle mer, mat Iech zesummen, un enger liewenswäerter Gemeng schaffen, duerch eng wäitsiichteg Politik, mat engem oppenen Ouer fir Är Suggestiounen a Problemer, transparent an am Dialog.

**Marc Lies**
**Buergermeeschter**
**President CSV Hesper**

## “Avec cœur et engagement”

Votre bien-être est au centre de notre politique municipale !

La durabilité, la préservation et l’amélioration des habitats et de la qualité de vie en général, la cohésion sociale, la santé et la sécurité guident nos réflexions sur les enjeux politiques essentiels.
Nous voulons mettre en œuvre nos idées avec vous dans le dialogue et en toute transparence.

Nous pouvons nous appuyer sur une solide base politique construite dans le passé, ce qui nous permet aujourd’hui de mettre de nouveaux accents.
Au cours des 16 dernières années, la dette municipale et la dette pro-capita ont diminué de façon spectaculaire. Cependant, parallèlement à la réduction de la dette, le volume d’investissement a pu être continuellement développé.

Nous voulons continuer à façonner l’avenir de notre communauté moyennant des finances saines et, comme par le passé, marquer le progrès dans tous les domaines sociaux.
Nous voulons continuer à travailler avec vous à la construction d’une municipalité viable, dans l’esprit positif de ces dernières années, par une politique clairvoyante, à l’écoute de vos suggestions et de vos problèmes, dans la transparence et le dialogue.

**Marc Lies**
**Bourgmestre**
**Président CSV Hesper**

## “With Heart and Commitment”

Your well-being is at the center of our policy!

Sustainability, preservation and improvement of habitats and quality of life in general, social cohesion, health and safety guide our reflections on key political issues.
We want to implement our ideas together with you in dialogue and in complete transparency.

We can rely on a solid political base built in the past, which allows us today to set new accents.
Over the past 16 years, municipal- and pro-capita debt have dropped dramatically. The investment volume could however be continuously expanded, along with the debt reduction.

We want to continue shaping the future of our community with sound finances and, as in the past, mark progress in all social areas.
We want to continue working with you to build a viable municipality, in the positive spirit of recent years, through a far-sighted policy, attentive to your suggestions and your problems, in transparency and dialogue.

**Marc Lies**
**Mayor**
**Chairman CSV Hesper**





© Daemen Harry

# 1. Natur-, Ëmwelt- a Klimaschutz

## *Edukativ, berodend, motivéierend, exemplaresch: mir sti fir konsequent Ëmweltpolitik!*

*“Mir hannerloosse gären eise Kanner a Kandskanner eng liewenswäert Welt” (CSV Hesper)*

Fir eis ass de Schutz vun der Ëmwelt, der Natur an dem Klima eng kruzial Aufgab fir d’Gemeng. Si muss hire limitéierten Handlungsspillraum op eegen Initiativ oder am Verbond mat deenen nationalen Instanzen an Organisatiounen, den interkommunale Syndikater, grad ewéi och mat méigleche Privatinitiativen, voll notzen.
Déi ëmmer méi grouss Roll, déi d’Gemeng op dësem Gebitt ze spille kritt, placéiert se an d’Vermëttlerroll tëscht all deene Partner an dem Bierger, mat engem Educatiouns-, Berodungs- a Motivatiounsoptrag.
Eng Gemeng muss awer och exemplaresch wierken, mat eegenen nohaltegen Infrastrukturen an Approchen.

“Manner fossil, méi erneierbar”, no deem Prinzip orientéiere mir eis Klimaschutzpolitik. D’Léisung vun der Klimaproblematik steet a fällt mat der Energiefro. D’Panoplie vu Méiglechkeeten, déi mer eis wëlle ginn, ass grouss.
Nieft der Verdéiwung vun der Berodung an der Sensibiliséierung vun der Populatioun, vu Klengem un, an dem Ausbau vum Primmespektrum fir erneierbar Energieprojeten, gesi mer d’Gemeng och am aktiven Handlungsoptrag.



© Daemen Harry



© Daemen Harry

### Mir proposéieren

- d’Multiplikatioun vun de Fotovoltaikanlagen zousätzlech zu deenen aktuelle 17 Installatiounen op de Gemengegebaier,
- den Akaf vun erneierbarer Energie am interregionale Kontext,
- d’Préiwung vun der Opportunitéit vu klenge Wandmillen,
- eng optimal Notzung vum Holzoffall aus eise Bëscher, ënnert anerem fir ze hëtzen,
- déi systematesch Notzung vun der Geothermie iwwer Erdwäermt, Äisspäicheren a Loftwärmepompelen,
- eng systematesch Isolatioun vun neie Gemengegebaier, an déi energeetesch Sanéierung vu verschiddenen existenten Infrastrukturen,
- den Ausbau vun der analytescher Energieverbrauchs- a Käschtekontroll,
- d’Fortféiere vun der nohalteger Bautepolitik no de Critèrë vun der zirkulärer Ökonomie, souwéi dat schonn de Fall ass fir déi nei Schoul um Houwald, déi mam DGNB (Deutsche Gesellschaft für Nachhaltiges Bauen) Platin-Zertifikat fir nohaltegt Bauen, mat engem Resultat vu 87,2%, ausgezeechent gouf. Och den Ausbau vum CIPA soll esou konzipéiert ginn,
- méi Ënnerstëtzung fir déi duuss Mobilitéit duerch supplementar Chargy Statiounen, d’Installatioun vun engem Schnellluedsystem an déi weider Entwécklung vum Gemengefuerpark no erneierbaren Energiecritèren.

Den Natur- an Ëmweltschutz ëmfaasst eng ganz Rei vun Aspekter.
Fir eis Gemeng, ee gemëschten urban - rurale Liewensraum mat groussen Noerhuelungsgebitter, ginn et grad op deem Gebitt eng Partie ganz spezifesch Problematike wéi de Waasserschutz oder d’Gestioun vum Offall.

### Mir proposéieren

- d’Fortféiere vun der Renaturéierung vun eise Baachen a Flëss an d’Konsolidéierung vun der aktueller Bautepolitik, mat de festgeluechte Retentiounsobligatiounen an deene betraffene PAPen, respektiv den obligatoresche Retentiounsbasengen an deenen ale Quartieren,
- d’Notzung vun net drënkbarem Waasser fir d’Gemengeflächen ze nätzen,
- permanente Monitoring vun der Drénkwaasser- a Loftqualitéit,
- Urbanistesch Opfänkmoossnamen an natierlech Puffermoossnamen inklusiv Verkéiersberouegung

géint de Kaméidi,
- am Kontext Biodiversitéit, Klimawandel an Hëtzteschutz:
    - d'Begréngung vun den exposéierte Raim mat Beem a Planzen,
    - eng aartgerecht Gestioun vun de Bëscher, och am Brandpräventiounskontext,
    - Moossname géint invasiv a friem Planzenaarten,
    - an d'Férderung vun der Uplanzung vu lokalem Uebst a Geméis, am Kader vum Projet "Gielt Band",
- de Verbuet vu genmanipuléierte Kulturen op Gemengenterrainen,
- d'Ëmsetzung vum Gaardeprojet "Um Kiemert" zu Izeg,
- eng insektefréndlech Buedemgestioun mam Verzicht op Pestiziden, Insektiziden, Fungiziden an Herbiziden,
- e Bëschléierpad fir Kanner,
- d'Konsolidéierung vun Hesper als agrarfréndlech Gemeng duerch laang verwuerzelte Betriber, déi fir eng optimal Landschaftspfleeg an d'Produktioun vu gesonden a qualitative Produkter suergen,
- eng gesond Ernierung besonnesch an de „Maisons Relais", an deene Fairtrade a lokal-regional Bioprodukter solle prioritär proposéiert ginn,
- eng Anti-Gaspi Gestioun vun de Kantinnen. Mir hätte gären, dass d'Partenariater mat externen Acteuren am Hibléck op d'Weiderverwäertung vun de Reschter an d'A gefaasst ginn,
- eng adequat Berodung vun der Populatioun iwwer Reschterverwäertung. Den Oeko Zenter als Ressourcenzenter ass heifir déi richteg Ulafstell,
- d'Weiderverwäertung vun agesammelten Zigarettestëmp,
- d'Promotioun vun der Offalltrennungspolitik, gekoppelt mat engem gestaffelten Offalltaxsytem, respektiv der Verdeelung vu gechippten Dreckskëschten,
- d'Aféierung vum obligatoresche systemateschen Triage an allen ëffentleche Gebaier, bei Manifestatiounen an an den Appartementshaiser.

***Une politique environnementale cohérente : priorité à l'énergie renouvelable !***

***A coherent environmental policy: priority to renewable energy!***

Consultez notre catalogue de propositions

Have a look at our catalog of proposals

# 2. Sport, Kultur a Fräizäit

## Sport, Kultur a Fräizäit: Zement fir déi sozial Kohesioun

***"Mir wëllen d'Kultur-, Sport- a Fräizäitoffer, iwwer all Generatiounen a Kulturen ewech, esou gestalten, dass se d'Mënschen an eiser Gemeng zesummebréngen" (CSV Hesper)***

D'Gemeng Hesper huet an de vergaangene Joren eng grad esou komplett, wéi och interessant Kultur-, Fräizäit- a Sportoffer opgebaut, déi elo muss deenen neien soziodemographeschen an ekonomeschen Erausfuerderunge gerecht ginn iwwer eng Upassung an alle Sektiounen.

Dat heescht, dass een, egal wou een an der Gemeng wunnt, een einfachen Zougang zu Kultur a Sport soll hunn an direkt ka vun Noerhuelungsgebitter profitéieren.

Dat gëllt esouwuel fir d'Infrastrukture wéi och fir déi konkret Aktivitéitepallett.
Mir gesinn natierlech d'Gemeng, awer och eis Veräiner, grad ewéi déi eng oder aner Privatinitiativ, an der aktiver Roll, fir dëst Ziel ze erreechen.


### Mir proposéieren

- d'Valoriséierung vum Sall am Duerf zu Izeg,
- d'Schafung vu klenge Versammlungsinfrastrukture fir Alzeng, Fenteng an dem Houwald,
- d'Notzung vun der Houwalder Kierch zu kulturellen Zwecker,
- d'Begréngung vun de Spillplazen an den Treffpunkte mat Beem, déi am Summer Schied maachen,
- d'Installatioun vu Picknickplazen, do wou et sécherheetstechnesch méiglech ass,
- d'Schafung vu jugendorientéierten Treffpunkten, mat enger „Wifi-Hotspot"- Vernetzung, op ëffentleche Multisportanlagen, der Skaterpist oder anere gëeegente Plazen an alle Sektiounen,
- Hondswisen op verschiddene Plazen an der Gemeng,
- den Amenagement an d'Erweiderung vun de Fräizäitinfrastrukturen um a ronderëm de Camping,
- den Amenagement vun engem „Baumwipfelpad",
- de Bau vun neie grousse Sportinfrastrukturen wéi eng ëffentlech Schwämm an en neien Tenniszenter,
- en neie synthetesche Fussballsterrain zu Izeg an den Espen an d'Upassung vum Stade Alphonse Theis,
- méi Fitnessplazen a -parcoursen uechtert déi ganz Gemeng,
- nei grouss Theemespillplaz an de behënnertegerechten Amenagement vun deenen existente Spillplazen.

Modern Infrastrukture mussen awer och animéiert a belieft ginn. Dat ass engersäits eng Aufgab fir d'Gemeng, déi d'Infrastrukture finanzéiert, d'Veräiner mat Subsiden a Logistik ënnerstëtzt, grad wéi och selwer Manifestatiounen organiséiert.
Anersäits hunn nieft vereenzelte privaten Initiativen awer d'Veräiner eng entscheedend Roll an der Gestaltung vum Kultur- Sport- a Fräizäitkalenner.

## Mir proposéieren

- d'Veräiner op engem "Ronnen Dësch" zesummenzebréngen, fir d'Aktivitéite besser kënnen ze koordinéieren an hinnen esou informatiounsorientéiert ënnert d'Äerm ze gräifen, grad ewéi fir d'Veräinsplattform "Orga 50" ze dynamiséieren,
- de Veräiner e Kultur- an e Sportkoordinateur zur Säit ze stellen,
- eng konkret ëffentlech Ënnerstëtzung fir schoulesch, kulturell oder sportlech Leeschtungen,
- déi generell Offer vun deene verschiddenen Sportcoursen ze dezentraliséieren,
- d'Erweiderung vum Zilpublikum fir « Hesper beweegt sech », am Sënn vun enger méi grousser Inclusioun, fir och déi Kanner ze erreechen, déi net bei eis an der Gemeng scolariséiert sinn,
- d'Weiderentwécklung vum Kultursummer an dem Wanterflair, mat enger Neibeliewung vum Rock am Park,
- eng besser Implicatioun vun de Jugendlechen an d'Decisiounsstrukturen duerch eng systematesch Bedeelegung un deene verschiddene Kommissiounen,
- eng Rezentréierung vun der kultureller Programmatioun am CELO, esoubal deen neien ergänzende Centre Civique zu Hesper fäerdeg ass,
- eng generell Dezentraliséierung vun der kultureller Offer, zum Beispill duerch Concerten op enger Mini-Wanderbün oder Ausstellungen an allen Uertschaften vun der Gemeng.



© apps.lu by Kirepo



© Daemen Harry



© apps.lu by Kirepo




© Daemen Harry

### *Un accès facile et direct à la culture, au sport et aux espaces de loisirs pour tous les habitants*

### *Easy and direct access to culture, sports and leisure spaces for all inhabitants*

Consultez notre catalogue de propositions

Have a look at our catalog of proposals

# 3. Mobilitéit

## *Gutt verbonnen, flësseg, sécher, nohalteg: eis Visioun vun der Mobilitéit!*

*„Hesper muss ugebonne bleiwen, ouni am Verkéier ze erstécken“ (CSV Hesper)*

Onser Gemeng hir geografesch Situatioun, direkt am Anzuchsgebitt vun der Haaptstad, huet gewëss Virdeeler, mee bréngt awer och e grousst Opkommes vum regionalen Duerchgangsverkéier mat sech, deen zu de Spëtzestonne vun alle Säite kënnt.

Dëse Fläschenhalsproblem huet net nëmmen een negativen Impakt op d'Liewensqualitéit, mee och op de wirtschaftlechen an ekologesche Bilan.
Den Hesper Contournement ass scho jorelaang am Gespréich. E muss elo esou séier wéi méiglech vum Staat gebaut ginn.

En ass a bleift och e vitale Projet fir ons Gemeng an dee mer ons, grad wei an der Vergangenheet, konstruktiv a mat Nodrock, bei deene responsabelen Instanzen investéiere wäerten.
De Contournement wäert de Problem wuel andämmen, mee awer net definitiv léisen. Duerfir wëlle mir op laang Siicht weiderféierend Moossnamen an Ugrëff huelen, wéi zum Beispill verkéiersberouegend Initiativen an Opfangparkingen, mat Ubannung un de Bus- a Schinnereseau.
Et gëllt awer och elo direkt déi kommunal Mobilitéitsinfrastrukturen a Service-Offer intergenerationell, sozial an nohalteg auszeriichten, mat engem groussen Akzent op der duusser Mobilitéit.




© apps.lu by Kirepo




© apps.lu by Kirepo

**Mir proposéieren**

- d'Erweiderung vum "Carsharing" wéi och den E-Mobilitéitsinfrastrukturen (zum Beispill de Chargy-Statiounen),
- d'Verbesserung vun der Situatioun fir Cyclisten*innen
  - duerch de Bau vun den aktuell geplangte Vëlosweeër,
  - duerch de weideren Ausbau vu sécheré Vëlosinfrastrukturen, fir déi eenzel Uertschaften a Quartiere matenaner ze vernetzen,
  - mat enger nach méi grousser Offer vum „vel'OH“-System,
  - mat zousätzlechen „M-Boxen“,
  - duerch iwwerdaacht a funktionell Trottinetten- a Vëlosstänneren, besonnesch bei de Schoulen an de Bushaltestellen,
  - mat enger Konzept Etude iwwer d'Schafung vun engem Vëlosbus fir d'Schoulkanner,
- sécher Trottoiren an Zebrasträife fir d'Foussgänger*innen op den Haapt- a Niewenachsen,
- den Ausbau vum „Séchere Schoulwee“ a vum „Pedibus“,
- d'Weiderentwécklung vum ëffentlechen Transport
  - mat dem Ausbau vum neie „Citybus“, deen déi ganz Gemeng op eng moduléiert Manéier desservéiert,
  - duerch den Ausbau vun der Flexibus-Offer besonnesch fir d'Ubannung un d'Spideeler aus der Ëmgéigend,
  - duerch eng gutt Disponiblitéit vum Nightrider an "Late Night Bus",
  - mat der Ubannung vum RGTR un déi zukünfteg "Gare périphérique" um Houwald,
  - mat der Installatioun vun digitalen Affichen op den Bushaltestellen.

D'Sécherheet vun de Bierger an de Biergerinnen hirer Liewensqualitéit, mee awer och verschidden ekologesch Facteuren, wéi zum Beispill den CO2 Ausstouss an de Kaméidi, fuerderen eiser Meenung no verschidde baulech a reglementéiert Moossnamen, fir de Verkéier ze berouegen, d'Verkéierssécherheet ze garantéieren an de Verkéiersfloss oprecht ze erhalen.

## Mir proposéieren

- punktuell Upassung vun den 30er Zonen an de Quartiere mat enger adequater Stroosseféierung,
- de Réckbau an d'Begréngung vu groussen a breede Stroossenachsen, wéi zum Beispill der N3,
- de Bau vu „Shared Space"- Zonen an den Duerfzentren a virun de Schoulen,
- den Asaz vun „Radars pédagogiques" op deene kruziale Plazen, wéi zum Beispill bei de Schoulen,
- de Bau vun engem Verkéiersgaart,
- d'Schaafen vun enger Vëlosschoul an enger "Maison du Vélo", déi net nëmme präventiv wierke kann, mee och d'Promotioun ënnerstëtzt, Informatioun liwwert awer och d'Locatioun an d'Reparatur vu Vëloe virgesäit,
- d'Iwwerschaffe vum Konzept "Parking Résidentiel",
- d'kontroll an d'Entschäerfung vun alle geféierleche Kräizungen an der Gemeng.

De Stroossebau, besonnesch deen infrastrukturellen Déifbau, huet wärend de Chantiersphase meeschtens een negativen Impakt op den Alldag vun den Awunner*innen, grad wéi och op de Verkéiersfloss.

Am Interessi vun der Erhalung vum gudde Liewensstandard muss awer virun an den Ënnerhalt an an d'Erneierung vum Waasser- a Kanalisatiounsreseau, grad ewéi an d'Energie- an d'Telekommunikatiounsinfrastrukturen investéiert ginn.

## Mir proposéieren

- eng gutt Organisatioun vun deene kommunalen Instanzen, fir déi beschtméiglechst Koordinatioun mat der Stroossebauverwaltung an aneren implizéierten Instanze sécher ze stellen,
- eng quartiersgerecht Entwécklung vum Houwald, am Kontext vun der Ubannung un déi nei "Gare périphérique", duerch eng nei Stroosseféierung an den Amenagement vun den néidegen Infrastrukturen.



© apps.lu by Kirepo




© apps.lu by Kirepo



© apps.lu by Kirepo

***Bien connecté, fluide, sûr, durable : notre vision de la mobilité !***

***Well connected, fluid, safe, sustainable: our vision of mobility!***

Consultez notre catalogue de propositions

Have a look at our catalog of proposals

# 4. Soziales

## Sozial vernetzt, disponibel, solidaresch: gutt liewen an der Gemeng Hesper!

*"Mir wëllen déi sozial Vernetzung esou verstrécken, dass keen duerch de Raster fält"*
*(CSV Hesper)*

D'Zesummeliewen an eiser Gemeng, an där ronn 54% vun den Awunner*innen Netlëtzebuerger*inne sinn, een Drëttel nach keng 25 Joer huet an ee Fënneftel iwwer 60 ass, soll harmonesch oflafen.
Eist Uleies ass et, dass net nëmme jidderee sech ugeschwat fillt an dass jidderee matschwätze kann, mee, dass virun allem een no deem anere kuckt, mat enger besonnescher Suerg fir déi, déi eleng sinn, mat engem Handicap musse liewen oder déi sozial defavoriséiert sinn.
Mir maachen iwwergräifend intergenerationell, interkulturell a responsabel Sozialpolitik.

Bal een Drëttel vun de Mënschen, déi an der Gemeng Hesper wunnen, liewen eleng. Iwwer 40% liewen an der Famill mat oder ouni Kanner. Ronn 8% sinn elengerzéiend Mammen oder Pappen.
Der Gemeng hir sozial Offer muss all deene Liewensmodeller Rechnung droen.

### Mir proposéieren

- dezentraliséiert Schoulinfrastrukturen, no bei de Familljen, mat engem passenden infrastrukturellen Encadrement: „Maisons Relais", Crèchen a Klassesäll an der Natur,
- eng adequat dezentraliséiert kommunal Aktivitéitsoffer an der Schoulperipherie, zesumme mat de Veräiner,
- flott amenagéiert a fir jidderee liicht accessibel Treffpunkten, zum Beispill mat Poterbänken, fir Jonk an Al uechter déi ganz Gemeng,
- ee Festkalenner mat variéierte Manifestatiounen, déi all d'Leit aus der Gemeng zesummebréngen,
- Hëllefsstrukture fir defavoriséiert Matbierger: eng „Maison d'accueil" fir Fraen an Nout mat Kanner, betreit Wunne fir Jonker, den Asaz vu Streetworker um Terrain, Seniorewunnengen, behënnertegerecht Spillplazen an accessibel Gebaier fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit.



© COEBA

An der Gemeng Hesper wunne wäit iwwer 4.000 jonk Leit ënner 25 Joer. Si hu ganz spezifesch gesellschaftlech Besoinen. Et ass doriwwer eraus wichteg fir hinnen eng laangfristeg Perspektiv an der Gemeng ze ginn.

### Mir proposéieren

- eng proaktiv Gestaltung vun der Jugendaarbecht ronderëm d'Jugendhaus, mam Zil fir och déi jonk Leit ze erreechen, déi net zu Hesper scolariséiert sinn,
- eng geziilten Informatioun iwwer de Jugend-Guide an Theemekonferenzen,
- eng Virbereedung op d'Beruffsliewen duerch Studentenjobs, Volontariat an d'Aktioun "Youth and Work",
- d'Fortféierung vum "Ronnen Dësch" fir een optimalen Dialog mat sämtlechen implizéierten Acteuren.




© apps.lu by Kirepo

Ronn all fënneft*e Bierger*in aus der Gemeng ass iwwer 60 Joer al. An der Gemeng Hesper sollen d'Senioren op eng villfälteg interessant, intergenerationell an interkulturell Offer vun Infrastrukturen an Initiative kënnen zeréckgräifen, fir hiert Liewen aktiv, bequeem a sécher ze gestalten.

### Mir proposéieren

- d'Erweiderung vun der Offer u Betreiung am CIPA um Houwald,
- d'Diversifizéierung vun der Pallett u Fräizäitaktivitéiten am Clubhaus „Am Säitert",
- eng konsequent Informatiounspolitik iwwer de „Guide-Senior", theematesch Informatiounsversammlungen oder Broschüren, déi zum Beispill och am „Centre Médical" ausgeleucht kënne ginn fir déi Leit, déi méi isoléiert sinn, ze erreechen,

- eng konsequent praktesch Liewenshëllef duerch de CIGL, den Telealarm an d'Noperschaftsapp HOPLR,
- d'Férderung vun enger koordinéierter Zesummenaarbecht mat allen aneren Acteuren aus dem Secteur.

Gesondheet a Sécherheet sinn zwee wesentlech Parametere fir gutt Liewensqualitéit a Wuelbefannen.
Et ass d'Aufgab vun der Gemeng, fir dës zwee Facteuren esou ze gestalten an ze organiséieren, dass d'Gesondheetsversuergung geséchert ass a geférdert gëtt an dass d'Sécherheetsgefill objektiv a subjektiv garantéiert bleift.

### Mir proposéieren

- d'Erweiderung vun der spezialiséierter medezinescher Offer am Kader vun de "Centres Médicaux", grad ewéi d'Ofsécherung vun enger anstänneger allgemenger Gesondheetsoffer an der Gemeng,
- d'Férderung vun enger aktiver Fräizäitoffer, déi d'Gesondheet ënnerstëtzt, duerch Vélospisten, Fitnessparcoursen a -plazen, Trëppelweeër, Sportcoursen an natierlech dem Ausbau vun "Hesper beweegt sech",
- d'Organisatioun vun Éischt-Hëllef-Coursen (Basis a Santé mentale),
- d'Erhalung vun de Sécherheetsorganer an der Gemeng: Police a CGDIS,
- d'Ëmgestaltung vum „Service des Agents municipaux" an e „Service de proximité", wat eng méi grouss Präsenz vun den Agenten um Terrain mat sech bréngt, fir besser géint kleng Incivilitéite kënne virzegoen.

## *Nous défendons une politique sociale globale intergénérationnelle, interculturelle et responsable.*

## *We stand for a comprehensive intergenerational, intercultural and responsible social policy.*

Consultez notre catalogue de propositions

Have a look at our catalog of proposals



# 5. Kommunikatioun, Digitaliséierung

## *Opmierksam, proaktiv, no bei Iech: mir erklären, wat mer maachen!*

*"Mir lauschteren Iech no, schwätze mat Iech, äntweren op Är Froen. Mir sinn do, wann Dir eis braucht!" (CSV Hesper)*

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass déi richteg Kommunikatioun all Mënsch um Liewen an un den Entscheedungsprozesser an der Gemeng aktiv deelhuele léisst. Mir sti fir Transparenz, well Transparenz schaaft Vertrauen, Vertraue baut Beréierungsängschten of a verbessert eise gesellschaftlechen Zesummenhalt.

Froen, Virschléi, Reklamatiounen? Schwätzt mat eisen CSV-Vertrieder. Mir si fir iech do a versichen, Äntwerten op Är Froen ze hunn:

**Wat huet de Gemengerot decidéiert?**
**Wéisou ass de Vëloswee nach net fäerdeg gestallt?**

Ob jonk oder manner jonk, Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger, Veräin, Organisatioun oder eenzel Persoun, Är Gemeng soll Iech erreeche kënnen, wann Dir eppes Wichteges musst gewuer ginn:

**Wéi eng Strooss ass gespaart?**
**Wéini gëtt de Pabeier ewech geholl?**
**Wat ass lass am Duerf?**

Dir musst d'Gemeng erreeche kënnen, wann Dir eng Fro oder eng Reklamatioun hutt:

**Wien ass fir d'Crèchen op der Gemeng zoustänneg?**
**Wéi soll ech dee Formulaire ausfëllen?**
**Wéini gi meng Kanner fir d'Schoul ugemellt?**

## *SOCIALS*


csv.hesper
csv_hesper
**www.hesperange.csv.lu**
**hesperange@csv.lu**

Kee Wee soll ongenotzt bleiwen: online iwwer Internet, Facebook, Instagram, YouTube an App, iwwer déi konventionell Weeër (Reider, Versammlungen, Drockmaterial), telefonesch oder am perséinleche physesche Kontakt.
Déi Dialogoffer muss och deene Leit zougedroe ginn, déi nei an d'Gemeng kommen, an dohier eng gewëssen Orientéierung brauchen.

D'Wiel vun der Sprooch ass ee weesentlecht Element vun der Verständlechkeet an der Inclusioun.
D'Gemeng soll op Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a jee no Theema an Zilpublikum, wann néideg och nach an enger véierter Sprooch kloer a verifizéierbar kommunikéieren, am Respekt vun Dateschutz- a Vertraulechkeetsbestëmmungen.

## Mir proposéieren

- eng dräisproocheg Websäit fir Ären Zougang zu alle wichtegen Dokumenter a Servicer nach méi interaktiv an attraktiv ze maachen, mat Podcasten oder dem Live Stream vun den ëffentleche Gemengerotssëtzungen,
- eng nei Gemengenapp: inklusiv, interaktiv, 24/7 zougänglech, mat Service-Informatiounen, allgemengen Aktualitéiten, engem Kalenner an engem Push Service fir dréngend Noriichten a Realzäit,
- en digitale Reider fir all Sektioun vun der Gemeng,
- Informatiounsversammelungen zu wichtegen Theemen,
- zousätzlech theematesch Online-Webinaren fir all déi, déi net kënnen an de Versammlungen dobäi sinn.




D'Digitaliséierung vun eiser Kommunikatioun ass onëmgänglech. Se muss sech allerdéngs op dat limitéieren, wat Sënn mécht, an de Limitte vum kommunale Spillraum, de bestoende Gesetzer an der Benotzerfrëndlechkeet.
Eis Virstellung vun der digitaler Evolutioun vun eiser Gemeng, am Geescht vun der Zäit, bedeit, dass se zu deene progressiivsten a modernsten am Land gehéiere soll.

Mir sti fir de Fortschrëtt a wëllen d'Digitaliséierung an der Gemeng an alle Beräicher weiderdreiwen.

## Digital Mëttelen

- ergänzen existent an traditionell Mëttelen,
- funktionéieren ronderëm d'Auer,
- hellëfen, e méi breet Publikum unzeschwätzen,
- maachen d'Ofleef méi rapid an interaktiv,
- spuere Pabeier,
- vereinfachen administrativ Weeër,
- si sécher, wann all deementspriechend Moossname getraff goufen.

## Mir proposéieren

- eng eenzeg iwwersiichtlech an transparent Kontaktplattform,
- een eenzege Guichet fir dem Bierger administrativ Prozesser einfach zougänglech ze maachen,
- den Ausbau vun der Offer un Online-Formulaire fir Clibb a Leit,
- eng Personalopstockung vum "Service informatique", fir een optimale permanente Sécherheetsmonitoring vun allen digitale Parameteren ze garantéieren,
- d'Erweiderung vun der kommunaler Online-Service-Offer, zum Beispill mam Ausbau vun IT-Servicer fir de Schoulunterricht,
- déi systematesch Notzung vun der "Orga50"-Plattform, fir déi digital Interaktivitéit mat de Veräiner ze dynamiséieren,
- eng permanent Upassung a Verbesserung vum Appui op eisem "Helpdesk", deen eng onkomplizéiert Hëllef fir de Bierger am Fall vun engem Problem oder enger Fro muss kënnen ubidden.



© apps.lu by Kirepo

***Nous défendons la transparence***

***We champion transparency***

Consultez notre catalogue de propositions

Have a look at our catalog of proposals

# 6. Urbanismus, Infrastrukturen, erschwéngleche Wunnraum

## Koordinéiert wuessen: mir schafe Liewensraum fir jiddereen!

***"D'Gemeng Hesper soll lieweg bleiwen a keng Schlofgemeng ginn" (CSV-Hesper)***

D'Ofsécherung vun eisem geuerdente Wuesstem an d'Organisatioun vun engem harmoneschen Zesummeliewen féiert iwwer ee virsiichtegt an nohaltegt urbanistescht Konzept, d'Schafung vun erschwénglechem Wunnraum an d'Bereetstellung vu flächendeckenden Infrastrukturen.

Dat ass eng grouss, liewenswichteg Erausfuerderung an enger Gemeng, wou Bauland rar ass, wou d'Wunnengsproblematik, wéi och iwwregens an deenen anere Gemengen, nëmme subsidiaresch kann op kommunalem Niveau ugaange ginn a wou de Bevëlkerungszouwuess sech geografesch ënnerschiddlech, awer duerfir konstant a multikulturell, entwéckelt.


© apps.lu by Kirepo

an Telekommunikatioun um leschte Stand ze halen,
- de Bau vun enger neier Kläranlag an den Ausbau vun der Waasserversuergung,
- den Ëm- an den Ausbau vun der rue des Scillas um Houwald, bedéngt duerch d'Arrivée vum Tram an der Gemeng,
- e Bëschkierfecht grad wéi een Déierekierfecht an den Ënnerhalt vun deene Plazen, wou mir all eis lëschte Rou fannen.

Gutt sozial Infrastrukturen sinn d'Basis vun eiser Liewensqualitéit.
Mir ginn dat Theema gären inklusiv an dezentraliséiert un.


© WW+

### Mir proposéieren

- ee partizipative Workshop mat de Bierger*inne vum Houwald, fir iwwer den Amenagement vum Zentrum um Houwald ze diskutéieren an Iddien ze sammelen, am Hibléck op de Bau vun engem „Shared Space", als Treffpunkt fir all d'Mënschen, déi am Quartier wunnen,
- d'Upassung vum PAG, do wou et méiglech ass, am Gläichgewiicht tëscht der Suerg ëm d'Ëmwelt an dem komfortabele Liewensraum fir de Mënsch,
- d'Notzung vu bis ewell onbenotztem Bauland,
- d'Schafung vun erschwénglechem Wunnraum, an Zesummenaarbecht mat Partner wéi dem „Fonds de Logement", der SNHBM, der „Agence Immobilière Sociale" an der Caritas,
- ee biergernoen Developpement vun alle Projeten, deen dem Proximitéitshandel an eise lokale Betriber Rechnung dréit, fir eis Awunner mat enger attraktiver Liewensoffer un hir Gemeng ze bannen an Aarbechtsplazen an der Gemeng ze erhalen,
- déi permanent Maintenance an d' Erweiderung vun der sanitärer Déifbauinfrastruktur fir Kanalisatioun, Waasser an accessoirement Energie

### Mir proposéieren

- de weideren Ausbau vun de Schoul- an den Encadrementsstrukturen, ë.a. um Houwald, zu Alzeng an zu Fenteng,
- den Ausbau vun de bestoenden oder neien Aktivitéitszonen,
- d'Ëmsetzung vum „Projet Place Jomé", inklusiv Parkhaus a Lift bis op den Holleschbierg. Och hei sollen erschwéngleche Wunnraum, Fläche fir de Commerce an een neie méi groussen „Centre Médical" entstoen,
- de Bau vun "Tiny Houses" op heifir gëeegente Plazen,
- den Amenagement vu jugendgerechten Infrastrukturen an Treffpunkten,
- den ëmweltgerechten Ausbau vum CIPA um Houwald an d'Weiderentwécklung vum Seniore Clubhaus am Säitert,
- zousätzlech "Betreit Wunnen"- Strukture fir jonk an eeler Leit.

Mir wëllen eis Gemeng nach méi attraktiv gestalten an d'Populatioun duerch eng qualitativ Kultur-, Sport- a Fräizäitoffer nach besser zerwéieren. Duerfir brauche mer adequat Infrastrukturen.

## Mir proposéieren

- den Ausbau vum „Haus Baumert“, op der Buerg, als lokale Geschichtszentrum;
- de Bau vu séchere Vëlos- a Spadséierweeër,
- eng ëmweltfrëndlech Verkéiersvernetzung tëscht alle relevante Lokalitéiten an der Gemeng (wéi zum Beispill de Lift vum Holleschbierg erof an de Gemengenzentrum) fir den optimale Kontakt tëscht de Mënschen ze erméiglechen,
- een akkurate Suivi vum Dauerbrenner “Contournement”.



© Daemen Harry



© WW+

***Notre politique d’urbanisme, prudente et durable, vise à sécuriser une croissance ordonnée***

***Our prudent and sustainable urban planning policy aims to secure orderly growth***

Consultez notre catalogue de propositions

Have a look at our catalog of proposals

# *Schwätzt mat eis*

## *Contactez-nous*

## *Talk to us*

### *ADRESSE*

Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei
4, rue de l’Eau
L-1449 Lëtzebuerg

### *TELEFON*

22 57 31-1

### *SOCIALS*

csv.hesper

csv_hesper

**www.hesperange.csv.lu**
**hesperange@csv.lu**

## Den 11. Juni
## CSV
## Lëscht 4

# GEMENGEWALEN
## ÉLECTIONS MUNICIPALES
## MUNICIPAL ELECTIONS



**All 6 Joer**
Tous les 6 ans
Every 6 years

2017 → 11/06/2023

**Direktwal**
Élection directe
Direct election

17 Sëtz
17 mandats
17 mandates

17 Kandidaten
17 candidats
17 candidates

= 1 oder 2 Stëmmen max. /Kandidat
1 ou 2 voix max. /candidat
1 or 2 votes max. /candidate

< 17 Total

**ODER | OU | OR**

1 Stëmm fir all Kandidat vun der Lëscht
1 voix pour chaque candidat de la liste
1 vote for each candidate of the list

=

CSV ☒ **Lëscht 4**

| | | |
|---|---|---|
| ADEHM Diane | ○ | ○ |
| BECK Georges | ○ | ○ |
| FRISCH Nathalie | ○ | ○ |
| GROTZ ép. ZUCCOLI Sylvie | ○ | ○ |
| HARTZ Martine | ○ | ○ |
| HUBERTY Anne | ○ | ○ |
| LENTZ-PAK Mi Hee | ○ | ○ |
| LEVEN Robert | ○ | ○ |
| LIES Marc | ○ | ○ |
| MEYER ép. FIXMER Myriam | ○ | ○ |
| MULLER Bob | ○ | ○ |
| POLIGNANO Stefano | ○ | ○ |
| REUTER ép. SCHILTZ Dyane | ○ | ○ |
| THEIS Jean | ○ | ○ |
| WESTER Guy | ○ | ○ |
| TOMBS ép. ZAHLEN Kirsten | ○ | ○ |
| ZAHLEN Pit | ○ | ○ |

⚠ > 17 Stëmmen
17 voix
17 votes
MAX

## SAVE THE DATE

Mir invitéieren Iech op eis Walversammlung, **de 6. Juni 2023 um 19.00 Auer am CELO, 476, rte de Thionville zu Hesper.**

Nous vous invitons à notre réunion d'information électorale, **le 6 juin 2023 à 19.00 heures au CELO, 476, rte de Thionville à Hesperange**

We invite you to our electoral information meeting, **on June 6, 2023 at 7 p.m. at CELO, 476, rte de Thionville in Hesperange**

# MÉI NO.
# MÉI HESPER.

**LËSCHT 4**

CSV
HESPER


LIES Marc


ADEHM Diane


BECK Georges


FRISCH Nathalie


GROTZ Sylvie
ép. ZUCCOLI


HARTZ Martine


HUBERTY Anne


LENTZ-PAK
Mi Hee


LEVEN Robert


MEYER Myriam
ép. FIXMER


MULLER Bob


POLIGNANO
Stefano


REUTER Dyane
ép. SCHILTZ


THEIS Jean


WESTER Guy


TOMBS ép.
ZAHLEN Kirsten


ZAHLEN Pit

# DEN 11. JUNI

Gemengewalen 2023

| | |
|---|---|
| ADEHM Diane | ◯ ◯ |
| BECK Georges | ◯ ◯ |
| FRISCH Nathalie | ◯ ◯ |
| GROTZ ép. ZUCCOLI Sylvie | ◯ ◯ |
| HARTZ Martine | ◯ ◯ |
| HUBERTY Anne | ◯ ◯ |
| LENTZ-PAK Mi Hee | ◯ ◯ |
| LEVEN Robert | ◯ ◯ |
| LIES Marc | ◯ ◯ |
| MEYER ép. FIXMER Myriam | ◯ ◯ |
| MULLER Bob | ◯ ◯ |
| POLIGNANO Stefano | ◯ ◯ |
| REUTER ép. SCHILTZ Dyane | ◯ ◯ |
| THEIS Jean | ◯ ◯ |
| WESTER Guy | ◯ ◯ |
| TOMBS ép. ZAHLEN Kirsten | ◯ ◯ |
| ZAHLEN Pit | ◯ ◯ |

## Lëscht 4

CSV

HESPER